N°6716
Entrée le 26.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5512 iwwert de Confinement vun enger Manifestatioun an der Avenue de la Liberté huet d'Regierung iwwert d'Verhale vun eenzele Manifestanten dat hei geschriwwen: "*Wärend den Identitéitskontrolle war et der Police nach méiglech vereenzelt Leit erauszehuelen, déi sech wärend der Manifestatioun enger Strofdot schëlleg gemaach hunn* [...] *D'Police huet cibléiert eenzel Persounen, déi Strofdote begaangen hunn, respektiv probéiert hunn d'Manifestatioun géint d'Police opzeheizen, missten aus der Manifestatioun eraushuelen*".

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen a wéi ville Fäll et tatsächlech zu enger juristescher Prozedur géint Leit koum, déi deen Dag un der Manifestatioun deelgeholl hunn an a wéi ville Fäll et och zu enger Verurteelung koum?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Réponse de Madame Sam Tanson, Ministre de la Justice, à la question parlementaire n°6716 du 26 août 2022 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant les « Conséquences juridiques dans le cadre des manifestations contre les mesures sanitaires de lutte contre le Covid-19 du 15 janvier 2022 »**

1) **Kann d'Regierung matdeelen a wéi ville Fäll et tatsächlech zu enger juristescher Prozedur géint Leit koum, déi deen Dag un der Manifestatioun deelgeholl hunn an a wéi ville Fäll et och zu enger Verurteelung koum?**

Am Zesummenhang mat der Manifestatioun, déi den 15. Januar 2022 stattfonnt huet, sinn dem Procureur d'Etat bis elo 9 procès-verbaux'en virgeluecht ginn. An deenen 9 Fäll ass eng juristesch Prozedur ageleed ginn, woubäi et zu dësem Zäitpunkt zu 3 Verurteelunge koum.

Lëtzebuerg, den 23 September 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson

13, Rue Erasme
L-1468 Luxembourg

Adresse postale :
L-2934 Luxembourg

Téléphone: (+352) 247-84537
Téléfax: (+352) 22 05 19

E-mail: info@mj.public.lu
www.mj.public.lu